LYCÉE NIC-BIEVER Dudelange

iPad Reegelen

- Ech passe ganz gutt op mäin iPad, Pencil an d'Housse mat der Tastatur op. Souwuel an der Schoul wéi och doheem. Ech verléiere meng Accessoire net a "bemolen" mäin iPad a meng Tastatur net.
- Ech si responsabel fir alles wat mat mengem iPad passéiert. Ech respektéieren d'one2one Charta an dës Reegelen.
- Mäin iPad ass all Mueren um 8h00 voll gelueden a prett fir domat ze schaffen.
- Ech akzeptéieren, dass via d'Classroom oder Jamf App am Cours kontrolléiert ka ginn, wat ech um iPad maachen. Ech ginn och d'Astellungen vu mengem iPad net manipuléieren.
- Ech benotzen AirDrop nëmmen, wa mäi Proff dat erlaabt oder verlaangt. Ech schécken och keng Saachen iwwer AirDrop am Cours un aner Schüler, wann et net zu engem Optrag gehéiert oder de Proff seng Erlabnis dofir ginn huet.
- Wärend de Stonnen ass den iPad just op der Bänk, wa mir domat schaffen. Ech muss net um Ufank vun all Stonn opgefuerdert ginn, mäin iPad auszemaachen an ewechzeleeën, wann net domat geschafft gëtt.
- Ech benotzen am Cours just déi Apps an Internet-Säiten, déi mäi Proff gesot huet (keng sozial Medien, kee Youtube oder Internetspiller am Hannergrond asw.).
- Ech schaffe just mat mengem iPad a benotzen net den iPad oder d'Accessoiren vun aneren, wann dat net an der Klass verlaangt gëtt.
- Ech respektéieren den iPad an d'Material vu menge Matschüler a Matschülerinnen.
- Ech filmen a fotograféieren näischt an huelen näischt op, zu deem ech net berechtegt sinn, an ech verbreede och keng Fotoen, Filmer oder Toun. Ech respektéieren d'Rechter um Bild.
- Ech vergiesse meng Usernimm a Passwierder fir déi verschidden Déngschter net (IAM, Office 365, Schoul-Apple-ID, EduRoam, asw.) a benotzen just meng Schoul-Apple-ID.
- Ech passen och gutt op meng Donnéeën op a späichere méiglechst alles an der Cloud. Ech deele mäi Passcode net mat anere Schüler.
- Doheem updaten ech reegelméisseg mäin iPad, fir dass en an der Schoul funktionéiert.
- Am Fall vun engem schlëmme Feelverhalen kann ech den iPad ewech geholl kréien a meng Elteren mussen en siche kommen.

De Proff entscheet wei an ob den iPad am Cours genotzt gëtt.

LYCÉE NIC-BIEVER Dudelange

iPad Helpdesk

Bei Probleemer déi Apps, User Accounts, Späicherplaz, asw. uginn, kann ech Hëllef am Informatikbureau um 1. Stack vum A-Gebai froen. Hei gëlle folgend Auerzäiten:

- **Méindes, Mëttwochs a Freides vun 12h30 bis 16h00**
- **Dënschdes an Donneschdes vun 7h30 bis 7h55 a vun 9h45 bis 10h00**

Wa mäin iPad beschiedegt ass, d'Bildschierm futti ass, e Knäppchen net méi geet, de Pencil oder d'Tastatur net méi funktionéieren, asw., muss ech eng demande de support beim CGIE um site www.one2one.lu maachen. Wann déi gemaach ass, kréien ech eng Äntwert op meng @school.lu mat entweder Réckfroen zu mengem Probleem oder Uweisungen, wéini ech d'Material kann ëmtauschen.

Den Informatikbureau huet keng Ersatzstëpp oder -spëtzten fir mäi Pencil an och keen Chargeur oder USB-Kabel. Dës Verbrauchsartikelen muss ech mir selwer nei besuergen.

Wann ech mäin iPad verléieren oder geklaut kréien, muss ech mat mengen Elteren bei d'Police fir eng Déclaration de perte/vol maache goen an dann och eng demande de support iwwer www.one2one.lu maachen. D'Déclaration de perte kann een och online maachen, iwwert www.guichet.lu.

LYCÉE NIC-BIEVER Dudelange

Reegelen fir den Ëmgang mam MS Teams

All Enseignant decidéiert, ob bei him den MS Teams als Kommunikatiounsmëttel benotzt gëtt oder net.

Falls Teams genotzt gëtt, gëlle folgend Reegelen:

- Teams déngt zum Austausch vun Informatiounen tëschent Enseignanten a Schüler. Weider Persounen, z.B. d'Elteren, si gebieden déi üblech Kommunikatiounsweeër ze notzen fir mat den Enseignanten a Kontakt ze trieden.

- Du kanns net erwaarden, dass de Proff dir direkt äntwert, an dat scho guer net tëschent 18 an 8 Auer oder um Weekend.

- D'Enseignanten deele keng Hausaufgaben ausserhalb vun hire Kueren iwwer Teams mat. Dat elektronescht Klassebuch am WebUntis bleift bindend.

- D'Deelen vu Medien an Informatiounen ass op unterrechtsrelevant Inhalter beschränkt an ass och nëmmen no Accord oder Opfuerderung vum Enseignant erlaabt.

- D'Verfaassen an d'Verbreeden vun beleidegenden oder diskriminéierenden Bemierkungen am Chat ass verbueden. Falls dat net respektéiert gëtt, gräifen d'Sanktiounen laut Schoulgesetz.

- Messagen un Enseignanten a Klassekomeroden, ginn, grad esou wéi E-Mailen, an der üblecher Héiflechkeetsform an an enger ubruechter Sprooch formuléiert (Moien, Monsieur/Madame, w.e.g., Merci, Mat beschte Gréiss, asw.).

- Äntwer eréischt nodeem s du fir d'éischt Noriicht opmierksam gelies hues.

- Perséinlech Messagen un d'Enseignanten stinn net am Klassenchat, well do déi ganz Klass matliest.

- D'Enseignanten kommunizéieren net wärend de Schoulstonnen mat de Schüler iwwer Teams.